
## WIE SI MIR IWWERHAAPT?



## WÉI KONTAKTÉIERT DIR EIS?

Op eisem Internetsite fënns dir all zousätzlech Informatiounen iwwert d'ACEL. Du kanns eis deng Fro per Mail, iwwer Facebook oder iwwert Instagram schécken.


www.acel.lu
contact@acel.lu

(+352) 20 60 84 84

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette


OCH DISPONIBEL OP

/acelluxembourg

Mir sinn d'**ACEL – d'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois.**

Mir sinn de Studentevertrieder a representéieren iwwer 40 Studentecerclë an Europa a souguer an Amerika. Mir vertrieden eenzel Stied a fachspezifesch Cerclen.

Dëst mécht d'ACEL zum Representant vun iwwer 10 000 Student:innen an zum gréisste a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg zanter 1984.

IWWER **40 CERCLEN**

VERDEELT OP **9 LÄNNER**

**10 000 STUDENT:INNEN**

> **Mir si fir dech do!**
> Virun, wärend an no dengem Studium!

# ACEL
de Studentevertrieder

# D'ACEL
STELLT SECH VIR


SPUERKEESS
Partenaire officiel

# WAT MAACHE MIR?

## MIR REGRUPPÉIEREN

Mir bréngе Lëtzebuerger Student:innen am Ausland wéi och zu Lëtzebuerg, zesummen a färdere soumat den Echange tëschent de Student:innen.

Ënnert dem Haaptthema **"Zesummebréngen"** ass de Pilier vum Regruppement zoustänneg fir folgend Evenementer:



**De Studentebal -** Dat gréisst Event vun der ACEL am Joer, wou d'Cerclen de Student:innen op hirem eegene Stand e Patt zerwéiere kënnen.

**Intercercle -** En Event zu Lëtzebuerg oder am Ausland, wou ee Cercle aus enger Stad aner Lëtzebuerger Student:innen op säin Event aluet.

**Tournoi de Noël -** E wichtegst Sportsevenement fir Student:innen, während deem déi verschidde Cerclen an dräi Sportaarten (Basket, Fussball a Volleyball) géinteneen untrieden.

## MIR INFORMÉIEREN

Am Kader vun de **Studieninformatiounen** kënnt d'ACEL an deng Schoul a beäntwert deng Froen iwwert däi Studium, deng Uni, deng Stad an deng Zukunft.

Um **Student fir 1 Dag** weise mir dir mat de Lëtzebuerger Student:innen op der Plaz deng zukünfteg Uni an däi Campus a féieren dech duerch déi jeeweileg Studiestad.




**Guide du Futur Étudiant (GFE) -** An eisem GFE fënns du Informatiounen iwwert däi Studium, méi wéi 30 Studentestied, deng Uni an alles, wat een als Student:in brauch. Och d'Kontaktdate vun de Lëtzebuerger Studentecerclë sinn do ze fannen.

**Guide du Futur Diplômé (GFD) -** Bass du geschwë färdeg mat dengem Studium? Am GFD fënns du Informatiounen iwwert d'Aarbechtssich, d'Virstellungsgespréicher a méi, fir däi Start an d'Beruffsliewen ze vereinfachen.

Du kanns eis Guidë online oder bei der Spuerkeess kréien.

## MIR REPRESENTÉIEREN

D'ACEL ass parteipolitesch an ideologesch **neutral**. Dat heescht, datt mir eis onofhängeg vun eenzele Parteien oder politesche Stréimunge fir d'Wuel vun de Student:innen asetzen.

D'ACEL beméit sech d'ganzt Joer iwwer, konstruktiv Gespréicher mat verschiddene Ministèrë ze féieren, fir aktuell Themen, déi d'Student:innen betreffen, ze diskutéieren.



Esou ware mir zum Beispill bedeelegt, dass zu Lëtzebuerg ee Stagegesetz geschaaft gouf. Weider ënnerstëtze mir d'Lëtzebuerger Student:innen, déi an Däitschland studéieren, bei der Demarche fir sech vum "Rundfunkbeitrag" befreien ze loossen oder sti mat Rot zur Säit wann een:eng Student:in seng Bourse fälschlecherweis refuséiert krut.

Du wëlls dech weider iwwer déi Themen informéieren? Op **www.acel.lu** fënns du all d'Dossieren an d'Communiquéen.